N° 6534
Entrée le 22.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.07.2022

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

D'Kriminalitéit huet an deene leschten 20 Joer zu Lëtzebuerg staark zougeholl. Bei der Unzuel vun Iwwerfäll läit Lëtzebuerg vir bäi am Spëtzepëloton vun alle Länner an Europa. Allerdéngs gëtt nëmme wéineg vun den Autoritéiten no bausse kommunizéiert, an d'Transparenz gëtt verhënnert. Sou gouf beispillsweis op meng parl. Fro Nr. 5457, déi sech mat dësem Sujet beschäftegt hat, geäntwert: *"D'Police féiert keng Statistiken iwwert d'Zuel vu Faiten, déi kommunizéiert, resp. net kommunizéiert ginn. Déi absolut Zuelen zu den Strofdote ginn integral an der jäerlecher Kriminalitéitsstatistik vun der Police veröffentlecht."*

Mat de rezenten Atrocitéiten am Zesummenhank mat der Täterband, déi sech selwer "17" bzw. 1Block7" bzw. "17 Antisistema" nennt, gouf een neien trauregen Déifpunkt an dëser Entwécklung erreecht. Och wat de Manktem un Transparenz säitens den Autoritéiten ugeet. Sou heescht et am Artikel "Die Omertà der Opfer" (LW vum 22.7.2022): *"Konkrete Zahlen zu festgestellten Taten will aus ermittlungstechnischen Gründen auch hinter vorgehaltener Hand niemand nennen."*

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister an un d'Madamm Minster:

1) Kann d'Regierung am Zesummenhank mat der genannter "Happy Slapping"-Tätergrupp konkret Zuelen nennen, wat d'Affer an d'Täter ugeet? Vu wéi enger Donkelziffer geet d'Regierung aus?
2) Si schonns verschidden Täter vun deene genannte Gruppen identifizéiert? Wa jo, wéi vill? Wat weess een iwwer dës Persounen (Alter, Geschlecht, Nationalitéit, asw.)?
3) Ass scho gewosst, wat mat dësen Täter geschéie wäert bzw. wou se hikommen? Wann net, feelt et den zoustännegen Instanzen u Kapazitéite bzw. un deenen néidegen Infrastrukturen, fir dës Täter onschiedlech ze maachen?
4) Gëtt et säitens der Regierung ee konkrete Plang, wéi d'Gesellschaft, a besonnesch eis Kanner, virun esou Verbriecher geschützt solle ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup,
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

Gemeinsam Änfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, vun der Madamm Sam Tanson, Justizministesch, an vum Här Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, op d'parlamentaresch Fro n° 6534 vum 22. Juli 2022 vum honorabelen Députéierten Fred Keup

Ad 1), Ad 2) an Ad 3),

Vu dass et sech bei dëse Faiten ëm eng lafend Affär handelt, spillt de "secret de l'instruction". Deemno décidéiert alleng de Ministère public iwwer d'Opportunitéit fir doriwwer öffentléch ze kommunizéieren.

Ad 4)

All Bierger, deen Affer vun enger Strofdot ass oder berechtegt Hiweiser huet, dass en et kéint ginn, kann a soll sech un d'Police adresséieren. Heifir bitt d'Police och op hirer Internetsäit ënnert de Rubricken "Prévention" an "Aide aux victimes" an 3 Sproochen (FR / EN / DE) Preventiounsmoossnamen a Verhalensmesuren un.

Onofhängeg dovunner huet d'Police och d'Obligatioun, fir d'Erhale vun der ëffentlecher Uerdnung an d'Sécherheet vum Bierger ze suergen. Dowéinst analyséiert d'Police kontinuéierlech all Virfäll um nationalen Territoire, fir séier adaptéiert Mesuren zum Schutz vun de Bierger an Institutioune kënnen ze ergräifen.

D'Preventiounsservicer vun der Police bidden ausserdeem Couren am Beräich Gewaltpreventioun un. Hei gi vill Themen ugeschwat, wéi Mobbing, Cybermobbing, kierperlech a psychesch Gewalt, a wéi een sech ka verhalen, wann ee mat där Problematik konfrontéiert gëtt. Des Coure ginn op Demande vun de Schoule souwuel am Fondamental wei och am Secondaire ugebueden, dat am ganze Land.

Bei de Jugendhaiser ass d'Police Partner, fir sougenannt "guides d'intervention" auszeschaffen. Dës Guide renseignéieren doriwwer, wéi een a bestëmmte Fäll muss reagéieren (z.B. fir Educateuren, wéi si musse reagéieren, wa bei engem Jugendlechen de Verdacht besteet, dass en illegal Substanzen hëlt oder bei sech huet, wie muss an deem Fall a Kenntnis gesat ginn, etc.). Esou e Guide kann och am Beräich Gewalt opgestallt ginn.

An verschidde Stied schafft d'Police och mat 'Streetworker' zesummen.

D'Police ass och disponibel fir Couren am Beräich Gewaltpreventioun grad ewéi Drogepräventioun an der Grondausbildung vum Léierpersonal unzebidden, fir dem Schoulpersonal d'Rechter an d'Flichten an där Thematik méi no ze bréngen. Et géif dorëms goen, fir dat d'Léierpersonal eng Grondkenntnis kritt an dann och scho präventiv villem virgräife kann a Kanner op dës Theme preparéiere kann.

D'Police mécht och reegelméisseg am ganze Land souwuel zu Fouss wéi mam gezeechenten Auto Patrulle bei de Schoulen a Lycéeë fir Presenz ze markéieren. Dëst ass eng vun deene ville Missiounen, déi di respektiv Policeunitéiten am Kader vun hiren alldeegleche virgeschriwwenen Aufgaben ze erfëllen hunn.

Zousätzlech zu den Interventioune vun der Police, setzt sech de Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse mat sengen Administratioune fir d'Sécherheet vu Jonken an der Schoul an och ausserhalb vun der Schoul an. Souwuel um Niveau vun de (potentiellen) Victimë wéi vun (potentiellen) Auteuren, deenen hir Dote bal ëmmer op eng détresse psycho-sociale zeréckzeféiere sinn, bidden de CEPAS, de SNJ, de SCRIPT an den ONE souwuel individuell Hëllefe wéi och allgemeng Sensibilisatiounscampagnen un.

Den ONE assuréiert d'Prise en charge vu Kanner, Jugendlecher a jonk Erwuessener bis 27 Joer, egal op se als Täter oder als Affer an engem Dossier optauchen. Si erhalen eng individuell Hëllef déi op hir Besoinen an dat wat si erlieft hunn, ageet. Den ONE ass souwuel a sengen regionalen Antennen, wéi iwwert eng telefonesch Helpline erreechbar.

Nieft der Police, bitt och d'Initiativ BEE SECURE zënter 2010 Sensibilisatioun an Informatioun iwwert e sécheren a responsabelen Ëmgang mat Medien an Technologië fir Kanner, Jonker an hiert Ëmfeld (Elteren, Grousselteren, Éducateuren an Enseignanten) un.

D'Aktioune vu BEE SECURE berouen op 3 Pilieren :

- Sensibilisatioun: Systematesch Formatioune fir Kanner a Jonker déi dat kritescht Denken iwwer Praktiken an Inhalter am Netz förderen, ënner anerem « Hate Speech » an aner Forme vu Gewalt déi online am Ëmlaf sinn. Den Haaptmessage, deen an dësem Zesummenhang diffuséiert gëtt ass dee vum respektvollen Ëmgang mat aneren, sief et online oder offline. Och de Phenomen "Happy Slapping" gëtt bei dësen a weidere Sensibiliséierungsaktiounen thematiséiert.
- D'Signalement vun illegalen Inhalter: Iwwert BEE SECURE "Stopline" kann all Bierger op eng anonym Aart a Weis illegal Inhalter (z.B. den Opruff zu Gewalt an Haass) mellen.
- Berodung: D'BEE SECURE "Helpline" ass e Kontaktpunkt fir all déi Leit déi wëllen anonym a vertraulech Hëllef a Berodung kréien, dëst a Bezuch op Theme ronderëm d'Sécherheet am Internet. Dorënner falen och Sujeten ewéi Haass a Gewalt um Internet.

Zousätzlech ass 2021 de neie Projet "S-Team: Setz dech an!" vu BEE SECURE lancéiert ginn, un deem schonn 30 Ariichtungen deelhuelen. Dëse Projet, deen an Zesummenaarbecht mam SNJ, dem SCRIPT an dem CEPAS an de Schoulen a Maison Relaisen ëmgesat gëtt, dréit derzou bäi Kanner a Jonker ze stäerken a sech fir e gewaltfräit Ëmfeld anzesetzen. Si ginn encouragéiert an der Schoul oder Maison Relais Aktivitéiten ze plangen an ëmzesetzen, déi sech géint Gewalt a fir e komerodschaftlecht Mateneen ausschwätzen.

Nieft den Interventioune vu BEE SECURE, förderт och de CePAS Gewaltpräventioun an de Lycéeën. Dat psycho-sozio-edukatiivt Personal aus de Lycéeën, konkret d'SePAS an d'SSE, ass e wichtegen Acteur fir hëllefen zu engem positive Schoulklima bäizedroen an déi Jonk ze ënnerstëtzen am Emgang mat Aggressivitéit a Gewalt, sief et déi Jonk déi Gewalt ausüben oder och déi Jonk, déi Gewalt vun aneren erdroe mussen. Heibäi gëtt eng 'whole school' Approche benotzt, déi op der kollektiver Verantwortung vun der ganzer Schoulcommunautéit berout fir d'Gewalt an d'Belästegung präventiv anzegrenzen an se dann en charge ze huele wann et zu engem Gewaltausbroch oder eng Belästegung

kënnt. Präzis Prozedure wéi am Lycée mat Gewalt a Belästegung ëmgang gëtt a wéi se erméiglechen, Affer an Zeie vu Gewalt a Belästegung z'ënnerstëtzen an ze begleeden, wäerten am Hiersch 2022 op eng transparent Art a Weis alle Bedeelegte kommunikéiert ginn an esou zu engem bessere Verständnis vun der Prise en charge bäidroen, an däer de SePAS als éischt Ulafstell eng zentral Roll spillt.

Och een neie gesetzleche Kader dréit zur Bewältegung vu Phenomener wéi “Happy Slapping” bäi. Ufank dës Jores huet d’Regierung dräi Projets de loi déposéiert, déi zesummen d’Jugendschutzgesetz von 1992 ersetze sollen. D’Gesetzesprojeten 7991 an 7994 féieren eng kloer Trennung zwësche Schutz- a Strofrecht an. Auteure vun Infraktioune ginn an Zukunft kloer fir hir Dote responsabiliséiert, kënnen awer och weiderhin op Hëllef am Kader vum neie Jugendschutzgesetz zeréckgräifen, wat hinnen hëlleft déi Problemer ze bewältegen déi d’Ursaach vun hirem gesetzesbriechende Verhale sinn. De Projet de loi 7994 leet weiderhin ee grousse Fokus op Präventioun a féiert sougenannt “mesures préventives” a wat zum Ziel huet d’Offer am Beräich Präventioun weider auszebauen. Zousätzlech sollen d’Schutzmoossname fir Mannerjäreger, déi Affer oder Zeie vun enger Strofdot gi sinn, duerch de Gesetzesprojet 7992 verstäerkt ginn. An dësem si verschidde geriichtlech Schutzmesurë virgesinn déi als Zil hunn, d’Sécherheet vum Mannerjäregen ze garantéieren an e virun eventuelle Repressalie wéinst senger Ausso ze schützen. Zum Beispill solle verschidde perséinlech Informatioune vum Mannerjäregen, ënner anerem seng Adress, aus dem penalen Dossier kënnen ausgelooss ginn.

Lëtzebuerg, den 26. September 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX